



## Pressecommuniqué 8

Här Meisch,

E Freiden den 11. Februar gouf dat neit Covidgesetz nees just mat de Stëmme vun der Majoritéit ugeholl. De gréisste Changement ass d'Ofschafe vum Regime vum 2G. Positiv ass dass d'Spärstonnen am Horesca ganz opgehewe goufen, esou dass d'Betriber endlech nees méi laang schaffen dierfen, an der Hoffnung hiren Ëmsaz kënnen op laang Dauer nees ze normaliséieren. D'FAIR Bewegung freet sech natierlech fir dee Secteur, dee säit bal zwee Joer besonnesch haart getraff gouf a vill Aboussen huet misste mat a Kaf huelen. Datt de Covidcheck fir de privaten Domizil ewechfällt begréisst mir natierlech och. Mir bedauern awer, dass den 3G an d'Maskepflicht net ofgeschaaft goufen, well als besuerkten Elteren hu mir missten am neiste Gesetzestext feststellen, dass Dir d'Kanner an déi Jugendlech an de Schoulen (esou wéi och d'Léierpersonal) nach ëmmer net vun der Mask befreit hutt!

Här Minister, mir an nach vill aner Bierger hei am Land verstinn dofir d'Logik, mat där Dir un Äre Mesuren an de Schoule festhält, scho laang net méi... an dass d'Schüler, déi an enger Bänk setzen, net fräi dierfen ootmen, stellt fir eis en epidemiologescht Rätsel duer!

Mir erklären eis:

Wann d'Leit an e Restaurant, an e Café, respektiv an eng Disco oder e "Club" ginn, geet den 3G neierdénks duer fir eranzekommen, an dat obwuel den „social distancing“ do zum Deel sécher net agehale gëtt. Onverständléch heibäi ass och, dass an engem Restaurant, soubaal een sëtzt, keng Maskepflicht méi besteet, op där aanerer Säit ët bei eise Léifsten an der Schoul awer weiderhin eng Obligatioun soll sin.

An de Schoulen mécht eng grouss Majoritéit, wéi Dir et schonns selwer behaupt hutt, vun de Schüler bei de Schnelltester mat: 3 bis 5 mol pro Woch, jee nodeem op ee Schüler an enger

Klass positiv getest ass. Also dierft een sech jo an engem Kllassesall eigentlech mindestens grad esou "sécher" fillen wéi an engem Restaurant, Café oder an enger Disco, och wann, niewebäi bemierkt, déi besoten Tester alles anescht wéi harmlos sin (cf. Gefährdungsanalyse Durchführung von Covid-19-Schnelltests durch Laien vum Prof. Dr. Werner Bergholz).

Et ass demno fir eis aus villerlei Hisiicht absolut onerklärlech, firwaat d'Regierung beim Port du Masque en Ënnerscheed mécht tëscht de Nuetsleien an dem Schüler dee schéi roueg a senger Bänk sëtzt.



Här Meisch, « ça ne tient pas la route ! » Et brauch een definitiv kee Wëssenschaftler ze sinn fir dëse Verglach ze verstoen an anzegesinn, dass d'Moosnamen an de Schoulen absolut kee Sënn erginn an ergo ofgeschaaft gehéieren! Sollte mir eis awer an eiser Argumentatioun ieren, a fir lech déi aktuell Gesetzeslag (wéi op dësem Bild illustréiert) absolut kee Problem duerstellt, wiere mir frou, wann Dir eis a virun allem de betraffene Schüler an Enseignanten Är Argumenter dozou kéint virleeën.

D'FAIR Bewegung huet eng ganz kloer Fuerderung : Loosst eis Kanner mat Rou, loosst se nees fräi ootmen, loosst se erëm e Gesichtsausdrock an e Laachen gesinn, loosst se sech nees

an de Aarm huelen a maacht et méiglech, datt si nees mat Freed a Vertrauen an d'Schoulginn!

D'Kanner an déi Jugendlech leiden ënner deenen aktuelle restriktive Moosnamen! Dir selwer sot schon am Februar 2021 während enger Pressekonferenz, datt den Triage an der Kanner- a Jugendpsychiatrie gemaach misst ginn. Firwat ginn eis Kanner elo nees vu Chamber a Regierung vergiess, déi et net emol fir néideg fannen, ëffentlech iwwert d'Leidenssituatioun während deenen 2 leschte Joer ze debattéieren?

D'Kanner hu leider keng Lobby a si keng Wielerstëmmen. Mee et gëtt awer den Ombudsmann fir Kannerrechter, deen sech fir si misst asetzen an no engem ganz luewenswäerten Avis vum 11.06.2021 (*Recommandation de l'OKAJU concernant certaines mesures sanitaires et leur impact sur la santé physique et mentale des enfants et jeunes - avis relatif au projet de loi 7836*) wor déi zentral Conclusioun déi folgend: *L'OKaju demande aux décideurs politiques que la disposition du port obligatoire du masque pour les enfants dans les établissements scolaires en fondamental et les structures d'accueil périscolaires soit assoupli, voire abrogée dès que possible et que son opportunité fasse l'objet d'une réelle réévaluation.(p.5) La réévaluation des mesures à appliquer en classe doit être faite en analogie avec les mesures qui sont appliquées dans le domaine des loisirs, comme les activités sportives, de culture physique, musicales et de loisirs offerts aux enfants et jeunes. L'OKaju estime que le critère de proportionnalité à appliquer pour l'évaluation de l'intérêt supérieur de l'enfant n'est pas pris suffisamment en considération. (S. 6)* leider näischt méi vu séch héieren gelooss huet.

D'Conclusioun vum OKAJU ass och haut, 8 Méint duerno nach ëmmer aktuell. Huet sech bis haut eppes geännert? An de Schoule mussen d'Kanner weiderhin mat de Maske do setzen a léieren. Dat schéngt kee vun deene politesch Responsabelen ze stéieren, och den Ombudsmann net méi, deen sech opfälleg roueg verhält. Spéidstens bei der leschter Gesetzesännerung hate mir gehofft, datt en sech zu Wuert mellt a sech fir eis Kanner asetzt.

Här Minister, Dir wësst ganz genee, datt et ville Kanner NET gutt geet an Dir hutt et an der Hand eppes dorun ze änneren. D'Wëssenschaft an d'Zuelen weisen, datt eis Kanner NET zu enger Risikogrupp gehéieren. De Prinzip vun der Verhältnesmäsegkeet ass deemno net ginn.

Do derbäi kënnt, datt d'Maskepflicht quasi een Experiment mat der Gesondheet vun de Kanner an den Erwuessenen duerstellt, well et eppes Vergläichbares bis haut an der ganzer Mënschheetsgeschichte net ginn ass! D'Maskendroe féiert zu enger reduzierter, bzw. erschwéierter Sauerstoffzoufuer an engem erhéichten CO<sub>2</sub>-Wäert am Blut, mat e.a. der Folleg vun enger Iwwerseierung vum Kierper an d'Gefillsausdréck am Gesiicht gi verstoppt. D'Zil vun dësem Experiment kann also net déi physisch a psychesch Gesondheet sinn, vu datt jo laut akademescher Wëssenschaft déi soug. Viruspartikelen méi kleng sinn wéi d'Maschen vun egal wat fir enger Mask, wat bis 2020 och onëmstridde war.

An deem Kontext sief den aktuellen däitschen Finanzminister Christian Lindner vun Ärer däitscher Schwësterpartei FDP an enger Ried vum 23.04.2020 virum Bundestag zitéiert: *„Masken waren erst unnötig, dann waren sie Virenschleudern, dann waren sie eine Höflichkeitsgeste, dann waren sie ein dringendes Gebot und heute gibt es eine Maskenpflicht! Viele Entscheidungen sind nicht gesicherte Erkenntnis, sind nicht zur Wahrheit geronnene Forschung, sondern sind politische Entscheidung.“*

Här Minister, wouduerch léisst sech bal 2 Joer no dësen Aussoen vum Här Lindner mat Vue op wëssenschaftlech Etuden (z.B. hei: <https://www.mdpi.com/1660-4601/18/8/4344>) an op d'Entwécklung vun de soug. Fallzuelen nach eng Maskepflicht rechtfäerdeg? Fallzuelen, déi sech relativ wéineg un der Maskepflicht schéngen ze stéieren, mee éischer mat der Joreszäit an den entspreichende Wiederverhältnisser Hand an Hand schéngen ze goen, wann een da mol de Bléck hieft an de gesonde Mënscheverstand spille léisst.

Iwwregens ass eng forcéiert Deelnam un medezineschen wéi wëssenschaftlechen Experimenten verbueden laut Artikel 7 vum internationale Pakt iwwer biergerlech a politesch Rechter, dee vun der UNO-Vollversammlung 1966 ugeholl gouf an dee Lëtzebuerg och 1983 ratifizéiert huet.

Mir fuerderen dowéinst och d'Chamber dringlechst op, en Debat iwwer de Bien-être vun eise Kanner z'organisieren an hinnen emol nozelauschten. Wat fir Moosnamen goufen fir hiert Wuelbefannen getraff, ausser, datt Gesellschaftsspiller vum Educatiounsministère an de Schoule verdeelt goufen?

Fir ofzeschléissen, Här Minister, géife mir lech nach eng Kéier un d'Häerz leeën, sämtlech Restriktiounen an den Schoulen opzehiewen an de Kanner all hier Fräiheeten zeréckzeginn. Sie hu just eng Kandheet, déi séier vergeet a wou der vill elo schonn e groussen Deel vun hirem Liewen mat enger Maskepflicht gepéngt ginn.

*“In ihren kleinen Welten, in denen Kinder ihre Existenz haben...gibt es nichts, das so genau wahrgenommen und so genau gefühlt wird wie Ungerechtigkeit”*

(Charles Dickens, brittesche Schrëftsteller)

De Comité vu FAIR Beweegung

European Forum for Vaccine Vigilance

fairbeweegung.lu

efvv.eu